

Demokratie op eng parlamentaresch Majoritéit beriff. Am Fall vun engem institutionelle Konflikt, soen ech awer och hei, datt d'Regierung kënnt op Grond vum Artikel 74 vun der Verfassung d'Dissolutioun vun der Chamber froen an domat dann Neiwahle produzéieren, déi also den nämlechten Effet wéi e Referendum hätten. De Fait, datt also hei net virgesinn ass, datt d'Regierung kann de Referendum froen, kann iwwert en anere Wee bei kruzelle Froen, wou et wierklech en Dissens géng ginn tëschent dem Parlament an der Regierung, iwwert dee Wee geléist ginn.

D'Regierung mengt also, datt dat heiten eng gutt Reform wär, datt et eng Reform wär, déi awer muss ganz kloer am Wësse vum Parlament mat sech zéien, datt een eng Verfassung net dierf liichtfankeg änneren. An duerfir den Appel vun der Regierung un d'Parlament fir nëmme mat äusserster Virsicht

d'Fundamenter vun eisem Land ze änneren, virun allem déi institutionell Fundamenter vum Land, an datt dat hei net soll eng Dier opemaach si fir no engem Moudetrend oder op e „Coup de tête“ hin eng Verfassung ze änneren. Den „Délai de réflexion“ vun dräi Méint an déi extra Majoritéite menge mer, hoffe mer a wënsche mer, datt déi deem Rechnung droen. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum neien Artikel 114 vun eiser Verfassung a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte de la proposition de révision de la Constitution (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleienenden Artikel 114.

Vote sur la proposition de révision de la Constitution et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

Et ass déi leschte Kéier wou kann duerch Procuratioun ofgestëmmt gi bei der Verfassungsännerung, wann deen Artikel hei ugeholl ass.

D'Ännerung vum Artikel 114 vun der Constitutioun ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentoun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent

Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. John Schummer), Xavier Bettel (par M. Marco Schroell), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, domadder wiere mer, wéi mer uganks der Sitzung decidéiert haten, um Enn vun eisem Ordre du jour vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien, de 27. November, a fänkt um 11 Auer an.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.39 heures)

Ordre du jour

- Dépôt d'une proposition de loi
- Communications
- Ordre du jour
- 4896 - Projet de loi portant
 - réglementation du maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements;
 - transposition de la Directive 98/50/CE du Conseil du 29 juin 1998 modifiant la Directive 77/187/CEE du Conseil concernant le rapprochement des législations des Etats membres relatives au maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements telles qu'elles ont été codifiées et abrogées par la Directive 2001/23/CE du Conseil du 12 mars 2001;
 - modification de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel et de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;
 - modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouve M. François Biltgen, Ministre.

(Début de la séance publique à 11.04 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Madame Reuter-Angelsberg freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

1. Dépôt d'une proposition de loi

Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (*DEI GRÉNG*).- Här President, ech wollt den Dépôt maache vun der

- Proposition de loi 5252 concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal et modifiant la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun dëser Proposition de loi duerch d'Madame

Reuter-Angelsberg. Si gëtt weidergeleet un déi zoustänneg Instanzen.

2. Communications

Da wollt ech der Chamber nach folgend Kommunikatiounen maachen:

1) Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 25 novembre 2003, le

Projet de loi 5251 sur les contrats de garantie financière portant

- transposition de la directive 2002/47/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 juin 2002 concernant les contrats de garantie financière;

- modification du Code de commerce;

- modification de la loi du 1^{er} août 2001 concernant la circulation de

titres et d'autres instruments fongibles;

- modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

- modification du règlement grand-ducal du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1er du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières;

- abrogation de la loi du 21 décembre 1994 relative aux opérations de mise en pension;

- abrogation de la loi du 1er août 2001 relative au droit de propriété à titre de garantie.

2) La question irakienne, l'avenir de l'OTAN et la réforme institutionnelle de l'Union européenne figureraient à l'ordre du jour de la session plénière du Parlement Benelux au Sénat belge, les 21 et 22 novembre 2003.

Le Luxembourg y était représenté par M. Nico Loes, Président de la délégation, M. John Schummer, Vice-Président du Parlement Benelux, Mme Nelly Stein, M. Jean-Pierre Koepp, M. Camille Gira et M. Xavier Bettel.

L'Assemblée a pris connaissance d'un rapport relatif à la politique de défense et de sécurité après la crise irakienne, rapport né de l'audition des ambassadeurs, représentants permanents des pays Benelux auprès de l'OTAN. Les diverses interventions sur ce sujet ont permis de conclure à un rapprochement des opinions au sein du Benelux dont les trois pays pourraient songer au défi de proposer, dans une approche multilatérale, leurs services pour une mission de préparation du terrain.

Le Conseil Consultatif a ensuite examiné les divers chapitres du 47^e Rapport commun des trois Gouvernements sur la réalisation d'une union économique entre les trois pays, avant de prendre connaissance des réponses des Gouvernements à des recommandations approuvées antérieurement et d'adopter de nouvelles recommandations notamment en matière de politique énergétique et de droit de suite sur les oeuvres d'art.

Enfin, M. Nico Loes a été nommé membre du Groupe de Travail „Fonctionnement du Parlement Be-

nelux" en remplacement de M. Ady Jung.

3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ugeet, wollt ech drop hiweisen, dass dee sech opgrond vun der Décisioun vu gëschter folgendermoosse presentéiere wäert:

Fir d'éischt hätte mer d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen. Duer no de Projet de loi 4884 iwwert de Code de procédure civile. Dann de Projet de loi 5230 iwwert de Verkauf vun engem Besëtztum um Kierchbiereg, a schliesslech d'Ofännerung vum Chamberreglement.

Ass d'Chamber heimat d'accord?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskusioun vum Projet de loi 4896 iwwert d'Aarbechtsrecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Zanussi, Graas, Jaerling an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

4. 4896 - Projet de loi portant

1. réglementation du maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements;

2. transposition de la Directive 98/50/CE du Conseil du 29 juin 1998 modifiant la Directive 77/187/CEE du Conseil concernant le rapprochement des législations des Etats membres relatives au maintien des droits des travailleurs en cas de transferts d'entreprises, d'établissements ou de parties d'entreprises ou d'établissements telles qu'elles ont été codifiées et abrogées par la Directive 2001/23/CE du Conseil du 12 mars 2001;

3. modification de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel et de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;

4. modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen. Den Ausgangspunkt vun dësem Projet ass eng europäesch Direktiv vum 29. Juni 1998, déi sech berëfft op d'europäesch Recht vun 1977, respektiv vum März 2001.

Em wat geet et? Mëtt de 70er Joren hu sech wesentlech strukturell Verännerunge vum wirtschaftleche Gefüge an Europa vollzunn. National Betribsstrukture sinn duerch grenziwwerschreidend multinational ersat ginn. Fusiounen a betriiblech Iwwernahme waren op der Dagesuerdnung, dat esou gutt op nationalem Plang wéi och grenziwwerschreidend.

Verbonne mat wirtschaftleche Krisenerscheinungen ass d'Aarbechtslosigkeit dramatesch an d'Luucht gaangen an d'Stabilitéit vun der Beschäftegung ass ofgesackt. Duerfir war et noutwendeg, d'Aarbechtsrecht, Arbeitnehmerrechter an Europa ze festegen, virun allem géintwuerk vun der Weiderentwécklung am gemeinsame Maart. D'europäesch Recht hat zum Zil, déi eenzeg staatlech Restbestëmmunge bei Betribsverlagerungen ze harmoniséieren, beziehungsweise ze verbessern. Sou sinn eng Rei wichteg europäesch Direktiven am Sozial- an Aarbechtsrecht entstanden, déi an déi jeeweileg national Gesetzgebungen agebaut gi sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, haut hu mer esou eng EU-Direktiv um Ordre du jour, déi an eis Gesetzgebung soll agebaut ginn. Et handelt sech em d'Ofsicherung vu wesentlechen Arbeitnehmerrechter bei betriiblechen Transferten. Bei betriiblechen Transferten, wat ass do den Uwendungsberäich? A fir elo net an Definitionen ze verfallen, wëll ech den Text zitieren: „La présente loi s'applique à tout transfert d'entreprise, d'établissement ou de partie d'entreprise ou d'établissement résultant notamment d'une cession conventionnelle, d'une fusion, d'une succession, d'une scission, d'une transformation de fonds ou d'une mise en société.“

Mir gesinn, datt dat Wuert „Transfert“ kloer definéiert gëtt. Doriwwer eraus ginn déi national Gesetzgebungen entsprechend där Direktiv ugepasst, virun allem wéi et sech